association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, den 6.3.19

Léif Memberen,

Am Règlement grand-ducal vum 21. Juni 2013 [1] huet déi deemoleg Regierung decidéiert, dass all Fonctionnairen an de staatleche Kommissiounen nëmme nach 75% vum offiziellen Tarif fir hier Aarbecht bezuelt kréien. Dës Spuermoossnam betrëfft all Direkteren a Professeren, déi an Examenskommissiounen genannt sinn. Op der anerer Säit kréien Experten aus dem Privatsektor fir déi selwecht Aarbecht 100% vum Tarif!

D'APESS verlaangt, dass an Zäite vu Steiererliichterungen, gratis Schoulbicher, gratis Transport, etc. dës diskriminatoresch Spuermoossnam direkt zeréckgezu gëtt: "Wann et dem Land gutt geet, da soll et de Leit gutt goen"! Hei geet et ganz einfach ëm d'Ofschafe vun enger Ongerechtegkeet, déi keng Dosinnsberechtegung méi huet.

Bescht Gréiss vum Exekutivcomité

[1] http://data.legilux.public.lu/eli/etat/leg/memorial/2013/108/fr/pdf

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426